N° 7852
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7852 vum 31. Mäerz 2023 vun der Madamm Deputéiert Elisabeth Margue.**

Déi honorabel Deputéiert stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mat Vëlosstroossen.

Aktuell gëtt hei zu Lëtzebuerg 23 Vëlosstroossen, dovunner 3 an der Gemeng Hesper, 1 an der Gemeng Stroossen, 1 an der Gemeng Ettelbréck an 18 an der Stad Lëtzebuerg.

Weider Vëlosstroosse sinn z.B an de Gemenge Beetebuerg, Esch-Uelzecht an Dikkrich geplangt.

Eng Vëlosstrooss soll dozou dengen, op wichtege Vëlositinérairë wou eng separat Vëlospiste net méiglech ass, typescherweis an Niewestroossen, de Vëlositinéraire ervir ze hiewen an dem Vëlo Prioritéit ze ginn.

Fir dass eng Vëlosstrooss awer zefriddestellend funktionéiert geet et meeschtens net duer just en Schëld opzehänken. Genau sou wei an enger Zone 30 Verkéiersberouegungsmoossnamen neidesch sinn, sollen och an enger Vëlosstrooss Begleetmoossname geholl ginn:

- De Verkéier soll sou organiséiert sinn dass op der Vëlosstrooss méiglechst just d'Anrainer fueren
- D'Vëlosstrooss sollt sech méiglechst däitlech vun den Niewestroossen ënnerscheeden; op mannst am Aganksberäich an idealerweis op der ganzer Streck
- De verbleiwenden Trafic soll duerch baulech Verkéiersberouegungsmoossnamen incitéiert ginn déi erlaabte Vitesse ze respektéieren.

Ginn des 3 Prinzippien agehalen, geet de Respekt vun de Verkéiersreegelen an d'Luucht an et sinn och keng heefeg oder spezifesch Kontrolle vun der Police neidesch.

Am Kader vun den alldeeglече Kontrollmissiounen an der permanenter präventiver a repressiver Iwwerwaachung am a vum Stroosseverkéier iwwerpréift d'Police datt generell Dispositiounen vum « Code de la Route » um nationalen Territoire respektéiert ginn. Dorënner falen e.a. och Dispositiounen déi sech spezifesch op Vëlosstroosse bezéien. D'Kontrolle spezifesch op Vëlosstroosse ginn allerdéngs net separat statistesch erfaasst.

Vum 1. Mee 2018 bis de 4. Abrëll 2023 huet d'Police insgesamt 87 „Procès-verbaux" an 29 „Avertissements taxés" wéinst Verstéiss géint déi nei Dispositiounen aus dem Code le la Route, déi sech spezifesch op Vëlosstroosse (rues cyclables) bezéien, geschriwwen an erstallt.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch